 Echternach 10.30 **Mass** fir d'Par

**Freides 30.05.**

- Echternach 09.00 Mass op Meenung  
 Echternach 16.15 Gebiet (Krypta) St Matthias Bruderschaft Kempen



Christihimmelfahrt - Rabulaevangeliar

# 7. Ouschtersonndeg

Joh 17,20-26

## Samschdes 31.05.

Echternach	15.00	<b>Beichtgeleeënheet</b> (bis 15.30 Auer)
Echternach	17.00	<b>Daffeier</b> fir Yasmine a Gabriel Barbosa
Echternach	17.00	<b>Virowendmass</b> (Muttergotteskapell)
Bech	18.00	<b>Virowendmass</b> St Emile Bisenius / St Fam Schiltz-Thill / St Fam Stoos-Thein
Herborn	18.00	<b>Virowendmass</b> Jm Larissa Kneip / Fam Weydert-Lutz-Kleyr / Nelly a René Müller-Weydert / Fam Roulling-Dahm-Reiter
Rodenbourg	18.30	<b>Virowendmass</b> 22.Jm Anna Freimann-Pletgen, Jean a Marguerite Freimann-Reckinger

## Sonndes 01.06.

Girsterklaus	09.00	<b>Mass</b>
Echternach	09.00	<b>Mass</b> op Meenung JJ / René Hoscheid / Jos Petesch a Fam Hoffmann-Klassen / 8.Jm Sanni Stors-Sturm
Echternach	10.30	<b>Mass</b> fir d'Par / Jm Marie-Rose Schaaf-Hau
Rosport	10.30	<b>Mass</b> fir déi Verst v.d. rue du Cimetière a Gieseboeur 1.Jm Tilly Ries-Eipers
Beaufort	10.45	<b>Mass</b> Jean-Pierre Hoff / op Meenung
Junglinster	10.45	<b>Mass</b> Marcel a Jean Beck
Girsterklaus	15.30	<b>Rousekranz</b>
	16.00	<b>Andacht</b>
Echternach	18.30	<b>Owesmass</b> zesummen mat der Firmjugend

Alle sollen eins sein: Wie du, Vater, in mir bist und ich in dir bin, sollen auch sie in uns sein, damit die Welt glaubt, dass du mich gesandt hast. Und ich habe ihnen die Herrlichkeit gegeben, die du mir gegeben hast, damit sie eins sind, wie wir eins sind, ich in ihnen und du in mir. So sollen sie vollendet sein in der Einheit, damit die Welt erkennt, dass du mich gesandt hast und sie ebenso geliebt hast, wie du mich geliebt hast.

Joh 17, 20-23



**Impressum** Parbréif Par Regioun lechternach St Willibrord

Oploo: 3000 Ex., kënnt ca 7 mol am Joér eraus, gedréckt an der Imprimerie de l'Est.

De nächste Parbréif kënnt 1.Juni 2025 eraus a geet bis den 13.Juli 2025.

**Redaktiouunsschluss 16. Mee 2025**

## Kontakt

**Francis Erasmy**, Paschtouer a Moderateur, ☎ 28, rue de la Montagne  
L-6470 Echternach ☎ 727296 - 621 246624 ☐ [ferasmy@pt.lu](mailto:ferasmy@pt.lu)

**Carlo Morbach**, Paschtouer, ☎ 621 197083 ☐ [carlo.morbach@cathol.lu](mailto:carlo.morbach@cathol.lu)

**Luc Schreiner**, Paschtouer, ☎ 5, rue Luc Bonblet L-6582 Rosport ☎ 691 842052  
**Anise Metz**, Parassistantin, ☎ 720149 ☐ [aimetz@pt.lu](mailto:aimetz@pt.lu)

**Josiane Mirkes**, Parassistantin, ☎ 621263256 ☐ [josiane.mirkes@education.lu](mailto:josiane.mirkes@education.lu)  
**André Mendes**, Sekretär, ☎ 12, Porte St Willibrord

L-6486 Echternach, ☎ 720149 ☐ [iechternach@cathol.lu](mailto:iechternach@cathol.lu)

**Luc Zimmer**, Titularkatechet, 12, porte St Willibrord L-6486 Echternach,  
☎ 26720376, ☐ [luc.zimmer@cathol.lu](mailto:luc.zimmer@cathol.lu)

**Konto Parbréif:** BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000  
(Kierchefong - Par Regioun lechternach)

### Parbüro lechternach

12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach, ☎ 720149 | [iechternach@cathol.lu](mailto:iechternach@cathol.lu)

#### De Parbüro ass op

**Moies:** vun Dënschdes bis Freides 10-12 Auer

**Mëttes:** Dënschdes + Donneschdes vun 14-16 Auer | Mëttwochs vun 16-18 Auer

**vum 17.4.-22.04.25 ass de Parbüro zou**

iwwer Telephon si mir ereechbar

### Büro Parzenter Lénster

15, rue du Village L-6140 Junglinster , ☎ 780043

**Permanence: Mëttwochs 10.00-10.45 Auer a Freides 16.30-17.45 Auer**

(de Büro ass zou an de Schoulvakanzien)

### Konto Massintentiounen:

**BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000**

Kierchefong C.T./ Reg lechternach

*Fir all Uertschaften ass et déi selwecht Kontosnummer*

#### Um Internet:

eist Parliewen fannt Dir op: [cathol.lu/iechternach](http://cathol.lu/iechternach)

d'Basiliika (eis Parkierch) fannt Dir op: [basiliika.lu](http://basiliika.lu)

d'Lénster Kierch fannt Dir op: [lensterkierch.lu](http://lensterkierch.lu)



# Die Kirche St. Medardus in Godbringen

Bereits 1570 wird in Godbringen (auf Französisch *Godbrange*, auf Luxemburgisch *Guedber*) eine Kapelle erwähnt, die dem heiligen Quirinus geweiht war. Das heutige Gotteshaus entstand 1879 nach den Plänen des Architekten Charles Arendt (1825–1910). Unternehmer war der ortsansässige Charles Scherger, der das Bauwerk in einer Rekordzeit von nur drei Monaten erstellte.

Charakteristisch für den Historismus ist die betonte Steinsichtigkeit am Außenbau. Die Blendarkaden am Schiff und der gesamte Eingangsbereich mit dem Turm sind aus Sandsteinquadern der Gegend gestaltet. Das Portal befindet sich an der Westseite in dem von zwei mächtigen Stützpfeilern eingerahmten Turm. In der Nische steht eine Steinstatue des Pestheiligen Sebastian, dessen Verehrung weit verbreitet war.

Den Innenraum überspannt eine Balkendecke, die seitlich auf kräftigen Konsolen ruht. Die Apsis schließt mit drei Seiten eines Achtecks und weist in jedem Mauerfeld ein Fenster auf. An den Längswänden hängen vierzehn holzgeschnitzte Paneele, die den Leidensweg Jesu darstellen. In den Fensternischen dazwischen sind Heiligenstatuen aufgestellt.



In dem hellen Chorraum, der nahtlos ins Schiff übergeht, stehen drei historistische Retabel. Der Hauptaltar wurde 1923 in Schrondweiler erworben, die Seitenaltäre wurden 1925 zusätzlich angefertigt. Sie kommen allesamt aus der Werkstatt Welter in Gilsdorf. In den Nischen des Mittelretabels sind die heiligen Wendelin und Donatus aufgestellt. Hier sollen besonders drei qualitätvolle Barockstatuen erwähnt werden. Der wohl etwas ältere Eligius mit Hammer, Amboss und Pferdefuß gehört zu einem Typus, der mehrmals in der Erzdiözese anzutreffen ist. Die heiligen Petrus und Medardus können dem Trierer Meister von Sankt Maximin oder Sankt Matthias zugeschrieben werden. Standbilder aus dieser bedeutenden Werkstatt sind vor allem im Osten des Landes anzutreffen.

Seit 2011 steht auf der Empore eine Walcker-Orgel von 1993, die durch die Orgelbau-Werkstatt Hugo Mayer aus Heusweiler (D) erworben werden konnte. Im Turm hängen zwei 1887 bei Goussel-François aus Metz gegossene Glocken.

*Alex Langini*

# Die erweiterte Orgel von Junglinster

*Segnung der neuen Chororgel an Ostern*

Der 250. Geburtstag der Junglinster Kirche ist abgeschlossen, aber eines fehlte bisher noch: Die neue Solo-Chororgel. Durch diese Erweiterung wird die Orgel ihrer Aufgabe noch vielfältiger gerecht werden und als einmaliges Klangmonument begeistern können.

In den letzten Wochen erfolgte der Einbau des elektrisch angesteuerten Solo-Chorwerkes durch die Orgelbaufirma Mayer. Die neuen Register (310 Pfeifen) stehen auf Schleifladen über dem vorhandenen Sakristeischrank (hinter dem Hauptaltar) und sind für den Betrachter unsichtbar. Sie werden vom Spieltisch der großen Orgel auf der Empore angesteuert, der um ein drittes Manual ergänzt wurde.

Das Solo-Chorwerk ist so intoniert, dass es sowohl solistisch, als auch als Teil der Gesamtorgel eingesetzt werden kann.

Die einzelnen Register werden hier kurz vorgestellt: Die **Philomena 8'** (mit zwei Labien) ist eine raumfüllende Soloflöte,

das **Cor de nuit 8'** eine weit mensurierte Flöte mit eher geheimnisvollem Klang. Die **Viole d'orchestre 4'** hat einen stark streichend-zeichnenden Klang. Die **Tuba 8'** in englischer Bauweise (mit gekröpftem Kropf) klingt wie eine kräftige Solo-Trompete. Die **Clarinette 8'** in französischer Bauweise (mit aufschlagender Zunge) ahmt das gleichnamige Instrument nach.

Das **Röhrenglockenspiel** besteht aus 25 Messing-Klangstäben, die in der Lautstärke in 5 Stufen angeschlagen werden können.

Das gesamte Werk steht in einem **Schwellkasten**. Durch einen Balanciertritt kann der Organist die Jalousien vom Spieltisch aus öffnen oder schliessen und so den Klang dynamisch beeinflussen.

Der **Untersatz 32'** sorgt für das nötige Klangfundament der Orgel. Die Basstöne reichen mit ihrem (spürbaren) dunklen undefinierbaren Klang bis zur untersten Hörgrenze (ca. 16 Hz). Die Pfeifen, mit einer Länge von bis zu 5 Metern, umrahmen (in C- und Cis-Lade geteilt) das Solo-Chorwerk.

Am Ostermorgen wird während des Festochamtes das neue Werk eingeweiht und seiner liturgischen und musikalischen Bestimmung übergeben werden.

Titularorganist Laurent Felten wird die klanglichen Besonderheiten in allen Variationen zum Klingen bringen.

*Francis Erasmy*



Blick ins Solo-Chorwerk, mit Clarinette und Tuba im Vordergrund. © Francis Erasmy

*Für Spenden:*  
*Les Amis de l'Église de Junglinster: CCRALULL  
 LU43 0099 7800 0027 3540*  
 oder *Fonds culturel national* (Vermerk:  
 2023/124 Amis de l'Église Junglinster).  
*BCEELULL LU24 0019 4655 0203 7000*

*Weitere Informationen auf:  
[www.lensterkierch.lu](http://www.lensterkierch.lu)*



Lënster  
Kierch

Reservierungen nur durch  
Anruf unter:

Réservations uniquement  
par appel au:

(+352) 621 375 295

Mehr Informationen unter:  
Pour plus d'informations:

[LensterKierch.lu](http://LensterKierch.lu)

## Crémant série limitée

### Cuvée 250 Joer

Bestellt äré Crémant a kritt en  
ab 6 Fläsche (110,00€) gratis  
heem geliwwert (awer just an  
der Gemeng Jonglénster).

E-mail:

[commande@LensterKierch.lu](mailto:commande@LensterKierch.lu)

Tel.: (+352) 621 375 295



20.04.2025

Dimanche de Pâques | 10:45  
Messe solennelle avec  
Bénédiction de l'orgue agrandi



16.05 - 18.05.2025

Exposition  
Ausstellung Ons Mamm vu  
Lëtzebuerg am Kader vum Jubilé fir  
400 Joer Oktav

Kleeder a Bijoue vun eiser Lënster  
Muttergottes-Statu

18.05.2025

Concert | 17:00  
Ons Mamm vu Lëtzebuerg  
Chorale Sainte-Cécile Jonglénster  
Luc NILLES, direction  
Laurent FELTEN, grand orgue



photo : Adrian Burrows

## 15.06.2025

Concert | 17:00

Quatuor de Cors

*Steve BOEHM, LtCol Jean-Paul BRAUN, Christophe FRISCH, Jonathan RONGVAUX*

Entrée : 25€ ( étudiants 0€)

Réservations souhaitées

## 26.10.2025

Concert | 17:00

Récital d'inauguration de l'orgue agrandi

*Thomas TROTTER, City organist Birmingham (UK)*

Entrée: gratuit

Réservations souhaitées



## 28.09.2025

Concert | 17:00

*Maria MITEVA, flûte*

*Luc HEMMER, vibraphone*

*Stefanie DUPREL, grand orgue*

Entrée : 25€ ( étudiants 0€)

Réservations souhaitées



## 21.12.2025

Concert | 17:00

Christmas Carols

*Les Amis du Chant*

*Fränz THEIS, direction*

*Laurent FELTEN, grand orgue*

Entrée : 25€ ( étudiants 0€)

Réservations souhaitées

# Muttergottesoktave op der Giischterklaus

## Sonndes, 11. Mee + Sonndes 18. Mee

09.00 Mass  
15.30 Rosenkranz  
16.00 Oktavandacht

## Méindes, 12. Mee bis Freides 16. Mee +

## Méindes 19. Mee bis Freides 23. Mee

18.30 Rousekranzgebiet  
19.00 Mass


## Sonndes, 25. Mee- Schlussoktave

09.00 Mass  
15.30 Rosenkranz



## 400 Joer Maria als Tréischterin zu Létzebuerg mat um Wee

esou feiert d'Kierch zu Létzebuerg bis de Schlussoktavsonndeg. An eiser Par wäerten et den 10. Mee 80 Joer hier sinn, datt d'Gnodebild vun der Giischterklaus aus der Evacuation zréckkomm ass. Wéi am Oktober 1944 d'Leit aus der Ënnersauergéigend weint dem Gekrichs ronderëm d'däitsch Grenz Haus an Haff verloosse mussten, hat déi jonk Marie Schou d'Initiative ergraff d'Muttergottesstatue vun der Klaus mat aus der Geforezone ze retten. Am Stater Bistum krut déi al Mariefigur e séchert Ënnerdaach ier si du fir d'Oktav 1945 an d'Rousperter Kierch koum. Zwee Deeg nom Enn vum II. Weltkrich an op deem Dag, wou fénnef Joer virdrun Nazidäitschland Létzebuerg besat hat, gouf d'Muttergottes op Christi Himmelfaart nees an hir Klaus heembruecht.



Well mir viru fénnef Joer coronabedingt dat net feiere konnten, wölle mir um **1. Oktavsonndeg, den 11. Mee 2025 um 80. Anniversaire dorun erënneren**. Och op de schwéiere Weeér vun de Mënschen haut wéllt d'Maria matgoen. Hiert Beispill an hiert Gebiet können eis Trousch a Courage schenken.

**8.00 Pilgergang zu Fouss** vu Rouspert op d'Klaus  
**9.00 Mass** mat Widmung vun den Eisichtkommionskanner un d'Muttergottes. Duerno Pilgerkaffi am Brudderhaus

**11.00 Concert** organiséiert vun der lechternacher Musiksschoul.

**15.30 Rousekranzgebiet**

**16.00 Oktavandacht**

Wéint der Priesterwei, déi ewell um Fest vun der Tréischterin an eiser Diözes gehale gëtt, a wéint déser Commémoratioun entfalen dofir d'Dingschter Samsdes de 17. Mee muerges op der Klaus.

Luc Schreiner



## Samschdes 24. Mee 2025

### Pilgerdag vun der Par Regioun lechternach St Willibrord

All Kanner aus der Kateches kréien en Infoziedel mat Umelldung zugeschéckt.

D'Info & Umelldung ginn och an d'Kierchen geluecht.

#### lechternach

- **8.00** Départ vun de Spezialbussen:  
Parking a Kack lechternach  
Zwëschenhalten: Belle-Vue / Garage  
Kruft / Lauterburer Millen
- **11.30** Retour vun de Bussen bei der  
Kathedral

#### Lënster

- **06.15** Départ Fousspilger bei der  
Lënster Kierch
- **08.15** Départ vum Pilgerbus op der  
Lënster Gare
- **08.30** Zwëschenhalt Hueschtert beim  
Fussballsterrain fir d'Fousspilger

#### Umeldung fir d'Pilgerbussen lechternach + Lënster

bis den 01. Mee am Parbüro Tel.: 720 149  
mail: iechternach@cathol.lu

**Pilgermass**  
**Samschdes 24. Mee**  
**an der Kathedral**  
**um 9.30 Auer**

#### Prëssessioun a Mass an der Stad

**9.00** Auer: Départ Prëssessioun bei der Méchelskierch

**9.30** Auer: Pilgermass um Votivaltoer

## Oktav Muttergotteskapell lechternach

**Méindes, 12.05. a 19.05. + Freides 16.05. a 23.05.**

19.00 Auer Oktavandacht

**Dënschdes, 13.05. + 20.05.**

19.00 Auer Rousekranzgebiet

**Mëttwochs, 14.05. + 21.05.**

09.00 Auer Mass

**Donneschdes, 15.05. + 22.05.**

18.30 Auer Stëll Anbetung

19.00 Auer Vesper



# Liestipp...

## Liesureegungen zum Jubiläum vum Konzil vun Nicäa 325 – 2025

Dëst Joer erënnere mir eis un dat bedeitend Konzil vun Nicäa am Joer 325. Do gouf d'Fundament geluecht fir eist Glawensbekenntnis, dat mir nach haut an eiser Kierch gebrauchen. Ech wollt iech hei eng Rei vu Bicher virstellen, déi sech mat dem Glawensbekenntnis an och mam Glawen u sech ausenanersetzen.

### Magnus Striet Alte Formeln – lebendiger Glaube Das Glaubensbekenntnis ausgelegt für die Gegenwart, Verlag Herder Freiburg 2024, 176 Seiten, 18,- €..



Am Laf vun der Geschicht vun der Kierch, oder besser gesot vun der Relioun vum Chrëschtentum, gouf et eng ganz Rei vu Synoden a Konziler, déi versicht hu Froe vum chrëschtliche Glawen ze klären. Diskussiounen an énnerschiddlech Iwwerzeegungen hunn eis Gemeinschaft vun Ufank u geprägt. D'Lëscht vun deene sougenannten ökumenesche Konzile gëtt ugefouert vum 1. Konzil vun

Nicäa, dat am Joer 325 statt fonnt huet an sech haapsächlech mat dem Thema vun der Trinitéit, mat der Gottheet vu Christus a mat dem Sträit ëm den Arius beschäftegt huet. Op dësem Konzil gouf am Bekenntnis (vun Nicäa) d'Gläichheet am Wiese vu Gott dem Papp an dem Jong festgehalen. Den Datum vum Ouschterfest gouf och gereegelt. Eng Rei Jore méi spéit gouf dann um 1. Konzil vu Konstantinopel nach eng Kéier iwwer d'Trinitéit verhandelt a festgehalen, dass den Hellege Geesch als Gott ze betruchte wier. Hei gouf dann dat Glawensbekenntnis formuléiert, dat mir bis haut an eise Gottesdéngschter als dee grousse Credo sangen.

1700 Joer sinn et also hier, dass d'Basis fir eist Glawensbekenntnis geluecht gouf um Konzil vun Nicäa am Joer 325. Och wann duerch esou munch aner Jubiläen dësen Datum nawell an de Vergiess geréit, sou soll et eis da scho wichteg sinn, fir eis un des duerchaus stiermesch Zäite vun eiser Geschicht ze erënneren. De grousse Credo ass net einfach vum Himmel gefall. Hien ass d'Resultat vun heftegen theologeschen Ausenanersetzungen, déi während ville Joren d'Liewe vun de Chrëschten an Otem gehalen hunn. En éischten Héichpunkt fanne mir dofir an der Formuléierung vum Bekenntnis vun Nicäa am Joer 325. „Insofern findet sich im Nicäo-Konstantinopolitanum auch nicht der christliche Glaube, sondern der Glaube formulhaft formuliert, der sich damals als der christliche Glaube durchgesetzt hat.“ (S. 9)

Iwwer dëst Glawensbekenntnis huet de Magnus Striet nogeduecht a versicht a sengem Buch een Zugang zu deenen ale Formuléierungen ze fannen, sou dass si eis och haut nach eppes kënne soen. Kloer gesi musse mir, dass deemools schonn hefteg gestridde gouf iwwer dat, wat d'Chrëschten als hire Glawe sollte bekennen. Mir mengen haut, dass alles émmer gläich misst sinn, dass et keng Diskussiouen an énnerschiddlech Meenungen dierft ginn an eiser Kierch. Wichteg war vun Ufank un, dass mat enaner geschwat gouf an dass am Ofweie vu verschiddenen Usiichte schlisslech eng Glawensformel

festgehale gouf. Haut musse mir genausou matenaner schwätzen an diskutéieren an dann och fir eis Zäit vläicht ganz nei Formuléierunge fannen, déi besser eise Virstellungen an eisem Wëssen entspriechen. Mat sengem Buch wëll de Magnus Striet opklären an d'Gespréich iwver eise Glawen nei beliewen. Dat heescht och, dass mir d'Glawensbekenntnis als Formel a Festsetzung vun enger ganz bestëmpter Zäit liesen. Dofir muss dëst Bekenntnis vu sengem historeschen dogmatesche Ballast befreit ginn. (S. 24) An eiser Relioun hu mir dem „Gebietsglawen“ vum Jesus (S. 25), deem et émmer némmen ém d'Hoffnung gaangen ass, dass do nach een ass, dee mir Gott nennen, esou Villes derbäi gesat, dass mir et kaum nach selwer verstinn an iwwerblécken. Een neien Iwwerbléck an een neit Verstoe vun deenen ale Formele wëll den Auteur mat sengem Buch vermettelen.

De Magnus Striet geet da vun der Säit 29 un déi eenzel Articlele vum Glawensbekenntnis duerch a stellt si an den Deitungshorizont vun der Zäit, wou si entstane sinn. Dobäi geet hien duerchaus kritesch vir a versicht jeeweils d'Bedeitung fir eis haut eraus ze filteren. Seng Ausféierunge sinn extrem dicht, loessen sech awer gutt liesen, well si an enger duerchaus allgemeng verståndlecher Sprooch geschriwwen sinn.

Et muss een a mengen Aen nach net emol dëst Buch Säit fir Säit vun Ufank bis zum Schluss liesen. Och ee Liese vun eenzellen Ausféierungen iwver ee bestëmmten Artikel vum Glawensbekenntnis, deen ee grad elo am Moment interesséiert, kann engem ee grousse Gewénn bréngen.

De Magnus Striet bleift a sengem Buch net némmen um theologesche Plang. Émmer nees bréngt hien eminent wichteg Philosophie mat an d'Gespréich. Hei kann een den Hans Blumenberg fannen, grad wéi de Martin Heidegger, de Friedrich Nietzsche oder och den Immanuel Kant an anerer. Si all héllefendeen alen Text vum Glawensbekenntnis nei fir eis Zäit ze liesen an ze verstoen, nei ze

interpretéieren an esou och eventuell mat neier Iwwerzeegung ze bekennen.

Ganz däitlech musse mir gesinn, dass d'Glawensbekenntnis a senger ursprénglecher Fassung um éischten ökumenesche Konzil zu Nizäa am Joer 325 zesumme gesat gouf. Et handelt sech hei deemno ém een éischte Versuch duerch eng synodal Versammlung vu Vertrieber aus der ganzer Chrëschtenheet ee Konsens am Glawe vun der Kierch ze fannen. D'Glawensbekenntnis ass also net vum Himmel gefall. Et ass d'Resultat vun Diskussiounen a Verhandlungen an enger synodaler Versammlung. Eist kierchlecht Liewen, eise Glawe baséiert also duerchaus op engem synodalem Prozess, schonn deemools an der éischter Zäit vum Chrëschtentum. Ém sou méi musse mir och haut erém zeréck fannen zu déser Form vun Diskussioun. Si ass a bleift d'Fundament vun eiser Kierch.

## **Hans-Georg Link / Josef Wohlmuth (Hrsg.), Attraktive Fremdheit Gottes.**

**Das Ökumenische Bekenntnis  
von Nizäa-Konstantinopel  
(325-2025), Evangelische  
Verlagsanstalt Leipzig**  
Bonifatius Verlag Paderborn 2024, 288 Seiten,  
24,00 €..

All Sonndeg an all Feierdag an eise Gottesdéngschter bekenne mir eise Glawe mat engem Bekenntnis. Meeschters, wa mir eist Glawensbekenntnis soen, ass et dat sougenannt „Apostolescht Glawensbekenntnis“. Awär a grousse Massen, wéi an der Houmass an der Basilika, sange mir dee grousse Credo, dat Bekenntnis, wat ursprénglech 325 zu Nizäa formuléiert gouf a wat dann 381 nach eng Kéier zu Konstantinopel erweidert gouf.


Mir soen oder sangen déi eenzel Articlele vum Credo meeschten, ouni vill iwwer de Sënn an den Inhalt dovun nozedenken. Dass dëse Bekenntnistext aus enger Zäit kënnt, déi wäit vun eis ewech ass an dass hei och Formuléierunge gebraucht ginn, déi eigentlech an hirem Sënn vum Wuert total anescht si, wéi mir et haut géifen ausdrécken, ass eis dacks net esou bewosst.

Den Titel vum Buch dréckt et dofir och scho ganz gutt aus: „Attraktive Fremdheit Gottes“. Gott ass eis friem a genee sou ass och dëst Glawensbekenntnis a senger Sprooch fir eis Zäit zimmlech friem. Déi dräi grouss Articlele vum Glawensbekenntnis ginn am Buch mat jeeweils enger Rei vu Beiträg vu verschiddenen Theologe behandelt an diskutéiert. Ech sinn iwwerzeugt, dass dëst Buch sech gutt liese léist an och jidderengem ee gudden Impuls liwwert, fir sech an dësem Jubiläumsjoer nei mat dem Inhalt vun eisem chrëschtleche Glawen ze befaassen. Déi eenzel Articlele maache Loscht op weider Beschäftegung mat deem, wat mir als Chrëschten iwwer Gott wëllen aussoen. Dobäi gëtt eis hei och nei d'Aen opgemaach fir déi ökumenesch Dimensioun. Et gi méttlerweil eng ganz Rei vu chrëschtleche Kierchen a Gemeinschaften. Meeschten ginn déi Saachen ervir gestrach, déi eis vun enaner trennen. Dobäi bleift de Bléck op dat, wat eis gemeinsam ass dacks zou. Genee dat Gemeinsaamt soll eis awer méi wichteg sinn an eis vläicht och erëm lues a lues zu enaner féieren.

Nizäa war een éischt allgemengt Konzil, een éischt ökumenesch Konzil, wou sech d'Vertrieeder vun der ganzer Chrëschtenheet op ee gemeinsaamt Bekenntnis gëeenegegt hunn. Dëst Buch ass an deem Sënn och een Zeechen. D'Auteure gehéiere verschiddene kierchleche Gemeinschaft un. D'Buch ass dann och an zwee Verlagen erschéngéen, der

„Evangelischer Verlagsanstalt“ vu Leipzig an dem kathoulesche Bonifatius Verlag vu Paderborn. Wann ee wëll an sech ee fir deen aneren opmécht, kann d'Gemeinsamkeeten entdecken an och liewen.

Dëst Buch kann ee wéi ee klenge Kompendium liesen, deen ee mathëlt op eng Rees duerch eis Glawensgeschicht. Ech sinn iwwerzeugt, dass een hei Villes nei kann entdecken an och esou sécher ee verdéiften Zugang fénnt zum Glawen vun de Chrëschte fir haut. D'Bekenne vum Glawen an der Mass um Sonndeg bleibt nom Liese vum Buch net méi eng einfach Formel, déi een erof biet, mä et gëtt een echt Bekenntnis, och wann déi al Sprooch vläicht a munchem friem bleift. All Mensch huet awer dofir ee Geescht, deen him kann hëllef en. Ëmmer erëm nei ze denken an ze entdecken.



Hans-Georg Link | Josef Wohlmut (Hrsg.)

## Attraktive Fremdheit Gottes


**Das Ökumenische Bekenntnis von  
Nizäa-Konstantinopol (325–2025)**



**BONIFATIUS**

# Wolfram Kinzig, A history of early christian creeds

Verlag Walter De Gruyter Berlin/Boston 2024, 786 Seiten, 30,86 €.



Wann ee sech op engem héijen theologeschen an historeschen Niveau wëll mat de chrëschtleche Glawensbekenntnisser befaassen, da kann een zu dësem Buch vum Wolfram Kinzig gräifen. Ech denken hei bleiwe kaum Froen op. Vun Ufank u vum Chrëschtentum ass èmmer nees versicht ginn de Glawen an einfach Formelen ze pressen an esou och ze verhalen. De Glawen ass nu mol keng einfach Geschicht a vill Virstellungen hunn sech lues a lues an haarden Diskussiounen duerch gesat. Dat apostolescht Glawensbekenntnis, wat mir meeschters bidden, an dat groussst Glawensbekenntnis vun Nizää-Konstantinopel sinn déi wichtegst Texter an dësem Beräich fir d'Chrëschten. Den Auteur analyséiert awer net némmen des zwee Texter mä och all aner Glawensbekenntnisser, déi am Laf vun der Geschicht formuléiert goufen. Säi Buch ass bewosst een „Textbuch“, dat all des Texter dokumentéiert. Mä et bitt awer och Diskussiounen an esou déi lescht wëssenschaftlech Erkenntnisser zu eise verschiddenen Glawensbekenntnisser. Fir interesséiert Theologe wéi och Laien ass dëst ee ganz wichteg Dokument a mécht

d'Aen op fir d'Gréisst an d'Schéinheet vun eisem chrëschtleche Glawen. Et ass ganz sécher een héich usprochsvollt Buch, nach derzou op englesch. Et lount sech awer, wann een de chrëschtleche Glawen a senger Entwécklung ee wéineg besser wëll verstoen.

Carlo Morbach

## Weider interessant Literatur

zum Jubiläum vum Konzil vun Nicäa 325 – 2025 an zum Glawensbekenntnis vu Nicäa (325) - Konstantinopel (381)

- **Thomas Jürgasch / Ahmad Milad**  
Karimi (Hrsg.), Jesus - Gottes Sohn? Ein interreligiöses Gespräch zum Konzil von Nizää, Freiburg 2025 (16,- €)
- **Jan-Heiner Tück / Uta Heil (Hrsg.)**,  
Nizää – Das erste Konzil. Historische, theologische und ökumenische Perspektiven, Freiburg 2025 (38,- €)
- **Jürgen Bärsch**, Ein Band der Einheit, in: Gottesdienst 59 (2025), S. 13-15  
Gottessohn? – 1700 Jahre Nizää, Internationale Zeitschrift Communio 53. Jahrgang – Juli/August 2024
- **Mark Smith**, The Idea of Nicaea in the early Church Councils, AD 431-451, Oxford 2018.
- **Franz Dünzl**, Kleine Geschichte des trinitarischen Dogmas in der Alten Kirche, Freiburg 2. Aufl. 2006 (14,95 €)
- **Reinhart Staats**, Das Glaubensbekenntnis von Nizää-Konstantinopel. Historische und theologische Grundlagen, Darmstadt 2. Aufl. 1999.
- **Charles Pietri / Christoph Marksches**, Theologische Diskussionen zur Zeit Konstantins: Arius, der „arianische Streit“ und das Konzil von Nizää, die nachnizäniachen Auseinandersetzungen bis 337, in: Die Geschichte des Christentums. Religion – Politik – Kultur. Band 2: Das Entstehen der eien Christenheit (250-430), Freiburg 1996, S. 271-344.



**TICKETS:**  
luxticket.lu  
+352 26 72 39 500  
ticket@ticketing.lu  
[trifolion.lu](http://trifolion.lu)

**ECHTERNACH** | **TRIFOLION** 



08.05 | 20h

St. Willibrord Basilika Echternach

# HANSJÖRG ALBRECHT

J.S. Bach: Goldberg-Variationen

© Vanessa Daly



DOMAINE ALICE HARTMANN

 emile weber



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Culture

Ville  
d'ECHTERNACH  
[www.echternach.lu](http://www.echternach.lu) 



# UergelPunkt 12

**Basilika St. Willibrord | Freitags 12h00-12h30**

- |        |  |
|--------|--|
| 23.05. | Jos Majerus  |
| 30.05. | Jehanne Strepenne (Gei) & Rosch Mirkes (Uergel)  |
| 06.06. | Nadine Eder (Flütt) a Jos Majerus (Uergel)   |
| 13.06. | Dominique Bréda  |
| 20.06. | Willi Kronenberg   |
| 27.06. | Musikschooul lechternach<br><i>Gesangklassen vun Evelyn Czesla an Ursula Thies</i><br><i>Uergelklass vum Jos Majerus</i> |
| 04.07. | Sigurdur Flosason (Saxophon) a Jos Majerus (Uergel)  |

*Quête à la Sortie*

# Dëst & dat...

## Beichtgelegenheiten

Echternach	Jeden Samstag	15.00-15.30	Beichtgelegenheit
	Karsamstag 30. März	09.00-10.30 15.00-16.00	Beichtgelegenheit Beichtgelegenheit
Junglinster	14. April	18.30	Bussgottesdienst mit Beichtgelegenheit

**Girsterklaus:** Karsamstag nach dem Gebet gegen 9.45 Uhr

## Informatiounen fir eis Koschteren

Nom Gloria vu Gréngondonneschdeg lauden d'Klacken net méi. An der Ouschternuecht beim feierlechen Gloria lauden d'Klacken d'Ouschterfreed an. Vun deem Moment u lauden d'Klacken och nees zu de gewinnten Zäiten an eisen Uertschaften. Dofir denkt drunn: D'Klacke lauden net vu Gréngondonneschdeg owes bis d'Ouschternuecht, an deementspreichend d'Klackenautomaten auszeschalten.

## Krankebesuch a Krankekommunioun

Wann dir, an der Ouschterzäit, d'Krankekommunioun oder en Hausbesuch wëllt, da meld lech w.e.gl. bei engem Member vun der Pastoraléquipe oder am Parbüro.

## Klibberen op de Kardeeg

Et ass eng al Traditioun, datt op de Kardeeg d'Kanner an d'Jugendlech, resp. d'Massendénger, als Ersatz vum Lauden vun de Klacken klibberen ginn. Mir wiere frou, wann sech och dëst Joer vill Kanner a Jugendlech an all eisen Uertschafte kéinten engagéieren an deen Déngscht fir eis Par iwwerhuelen. Mellt iech bai de Verantwortlechen oder bei der Pastoralékipp. Natierlech ginn d'Klibberkanner och um Karsamschdeg ophiewen. Denkt also drunn a gitt hinnen eng kleng Belounung.

## Ouschterfeier - Basilika

Zénter e puer Joer kämmeren sech  
*d'Echternacher Guiden a Scouten St Willibrord*  
ëm d'Ouschterfeier um Parvis vun der Basilika.  
Hinnen e grousse Merci fir dësen Déngscht.

No der Feier vun der Ouschternuecht deelen  
d'Guiden a Scouten Ouschtereeër aus a si  
invitéieren eis op e Patt um Parvis!





## Häerzlech Wëllkomm

Zénter dem 1. Abrëll ass den **André Mendes Rosa** Sekretär an der Par Regioun lechternach St Willibrord. Vill vun eis hunn den André déi lescht Joeren als Präsident vun den "Eechternoacher Massdéiner" kennegeléiert: e jonken, zouverlässegen, diskreten an humorvollen jonke Mann. Mir si frou, datt den André dës Aarbecht ugeholl huet, a wünschen him vill Freed an Erföllung op senger neier Plaz.

*Francis Erasmy*

## Eechternoacher Massdéiner

- **Ouschterkäerzen**

D'Eechternoacher Massdéiner verkafen **Ouschterkäerzen**

Pällemsonndeg an Ouschteren vir a no de Massen.

1 Käerz: 10 € - 3 Käerzen 25 € an 5 Käerzen: 40 €

- **Generalversammlung**

Donneschdes, 24.04. um 20.00 Auer am Veräinshaus



## Communauté portugaise

Durant le mois de mai, prière du chapelet  
tous les jours à 20.00 heures à la crypte de la Basilique.

## Parbréif an all Haus

Fir Chrëschtdag an Ouschteren gëtt de Parbréif an all Haus ausgedeelt. Fir lechternach siche mir Leit déi ons dobäi bénévol hëllefen. Wann Dir Interesse hutt, kënnt Dir lech gären am Parbüro mellen. Tel.: 720 149 - email: iechternach@cathol.lu

Pour Noël et Pâques, le bulletin paroissial est distribué à tous les foyers. Pour Echternach nous cherchons des personnes qui nous aident. En cas d'intérêt merci de contacter le bureau paroissial, Tel.: 720 149 - email: iechternach@cathol.lu

## Léiwe Lieser vum Parbréif

De Parbréif kënnt 7 mol am Joer eraus, mat enger Oplo vu 3000 Exemplaren, a gëtt gedréckt an der Imprimerie de l'Est. De Käschtepunkt läit bei ronn 16.500 Euro. Eis ass de Parbréif dat wäert, well et wichtig ass e gudden Zugang zu eise Leit ze hunn. Dofir maache mer en häerzlechen Appell, fir lech fräiwëlleq un dëse Käschten ze bedeelegen.

E grousse Merci fir all Hëllef an Iwwerweisung.

BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000  
Kierchefong C.T./ Reg lechternach

# Catéchèse en Paroisse

Luc Zimmer, Titularkatechet, ☎ 26720376  
Parbüro: ☎ 720 149 ☐ iechternach@cathol.lu



## Gottesdéngschter fir Kanner

- zu **Bäerdref** an der Kierch, Freides 18.00 Auer Kannergottesdéngscht
- zu **Befort** an der Kierch, Samschdes 18.00 Auer Kannergottesdéngscht
- zu **lechternach** an der Basilika: all Mëttwochs 18.30 Auer Kanner- a Familljemass
- zu **Lënster** an der Kierch: all Freides ëm 18.30 Auer Kanner- a Familljemass
- An der Gemeng **Rouspert/Mompech**, Méindes ëm 18.00 Auer Kannergottesdéngscht

*An de Schoulvakanz si keng Kannergottesdéngschter!*

### D'Lënster Kierchemaischer...

...ass e Projet fir Kanner aus der Spillschoul a vum Cycle 2.1, all zwou Wochen Freides vun 18.15-19.15 Auer (ausser de Schoulvakanz). Déi nächst Treffen sinn am Parzentrum vu Lënster (15, rue du Village) den:

**25.04. - 16.05. - 06.06. - 20.06.**

*...un projet au sein de l'église, pour les enfants de la 'Spillschoul' et du cycle 2.1, le vendredi , toutes les deux semaines de 18h15 -19h15 (à l'exception des vacances scolaires) , au centre paroissial de Junglinste (15, rue du village). Prochaines dates:*

**25.04. - 16.05. - 06.06. - 20.06.**



## Date mat Gott Virbereedung op d'Firmung!

### *Gebietsmoment fir Jugendlecher*

Déi nächst Treffe sinn:

**lechternach** 18.00 Auer an der Basilika:

**22.04.25 - 13.05.25**

**Lënster** 18.00 Auer am Parzentrum (15, rue du Village)

**29.04.25 - 20.05.25**

**Déi nächst Jugenmassen zu lechternach**

an der Basilika ëm 18.30 Auer:

**04.05.25 - 01.06.25**

# Dat (Vir-) Lescht

## Reli-Elli



[www.WAGHUBINGER.de](http://www.WAGHUBINGER.de)

Caroline ist am Nachmittag zum Spielen bei einer Schulfreundin eingeladen und die Mutter hat ihr eingeschärft, dort auf keinen Fall um etwas zu betteln. Nachdem sie schon eine Weile gespielt haben, seufzt Caroline: „Wenn ich zu Hause bin, habe ich um diese Zeit richtig Hunger.“

Ein Benediktiner, ein Dominikaner, ein Franziskaner und ein Jesuit beteten zusammen, als das Licht ausging. Der Benediktiner wollte weiterbeten, er konnte es auswendig. Der Dominikaner regte ein Streitgespräch über Licht und Dunkel in der Bibel an, der Franziskaner schlug vor, dass alle dem Herrn für das Licht danken sollten, welches ihnen so sehr fehlte, – da wurde es wieder hell. Der Jesuit hatte die Sicherung ausgewechselt!

Im Religionsunterricht fragt der Pfarrer die Kinder: „Wer bildet die Spitze unserer Kirche?“ Christoph antwortet: „Der Hahn auf dem Kirchturm!“





16.05. - 18.05.2025

## Ausstellung Ons Mamm vu Lëtzebuerg

am Kader vum Jubilé fir 400 Joer Oktav

Kleeder a Bijoue vun eiser Lénster  
Muttergottes-Statu

Vernissage:  
Freides, de 16.05. um 19:30 - 21:00

Samsdes, de 17.05.  
10:00 - 12:00 & 14:00 - 18:00  
Sonndes, den 18.05.  
14:00 - 16:00

18.05.2025

## Concert | 17:00 Ons Mamm vu Lëtzebuerg

am Kader vum Jubilé fir 400 Joer Oktav  
an zur Eier vu Maria, eiser  
Consolatrix Affictorum

Chorale Sainte-Cécile Jonglënster  
Luc NILLES, *direction*  
Laurent FELTEN, *grand orgue*

Entrée : Gratis  
keng Reservatiounen néideg



Maacht en Don  
fir d'Frénn vun  
der Lénster  
Kierch

> Unterstützen Sie uns! Konto: «Les Amis de l'Église de Junglinster» Vermerk «Mitgliedskarte 2025» (min. 10€) CCRALULL | IBAN LU43 0099 7800 0027 3540 oder scannen Sie bitte diesen QR-Code um über Payconiq zu spenden.

> Soutenez-nous ! Compte «Les Amis de l'Église de Junglinster» avec la mention «Carte de membre 2025» (min. 10€) CCRALULL | IBAN LU43 0099 7800 0027 3540 ou scannez s.v.p. ce code QR pour faire un don via Payconiq.